N°4580
Entrée le 05.08.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.08.2026
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 05. August 2026

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„Virun engem Mount hate mer d'Madame Landwirtschaftsministesch gebieden, fir d'Konsequenze vun der unhalender Dréchent op d'Recolten anzeschätzen. D'Madame Ministesch hat deemools schonn drop higewisen, datt, wann et net weider reene géif, et beim Mais kéint seriös Engpäss ginn. Dës Situatioun ass mëttlerweil agetrueden, a vu, datt de Mais e wichtegt Kraaftfudder ass, wäert déi schappeg Recolte eise Bauerebetriber nawell zolidd ze schafe maachen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau folgend Froe stellen:

- Wat fir ee Bilan kann een elo scho fir d'Maisrecolte 2026 zéien? Wéi staark wäert den Ausfall am Verglach zum Duerchschnëtt vun de leschte fënnef Joer sinn?
- Riskéiert dësen Ausfall net dozou ze féieren, datt etlech Béischte musse verfréit geschluecht ginn, wat nees zu engem Präisverfall beim Fleesch féiere wäert?
- Wéi schätzt d'Madame Ministesch d'Fudderproduktioun an der Europäescher Unioun an? A wat fir engen anere Länner ginn et och staark Produktiounsdefiziter am Beräich vum Mais an anere Fuddermëttel? Wat fir eng Länner sti besser do wéi Lëtzebuerg?
- Ass de Landwirtschaftsministère amgaang driwwer nozedenken, wéi een de betraffene Baueren hëllefe kéint, fir op breeder Basis Fudder am Ausland anzekafen, fir iwwer dëse Wee an den nächste Wochen a Méint net nach weider Präishaussë mussen a Kaf ze huelen? "

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten

Groupe Parlementaire du Parti Démocratique
9, rue du St. Esprit • L-1475 Luxembourg
Tel: 22 41 84 1 • dp@chd.lu • www.dp.lu

**Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau op d'parlamentaresch Fro n°4580 vum 5 August 2026 vun den éierewäerten Deputéierten André Bauler et Luc Emering**

1. **Wat fir ee Bilan kann een elo scho fir d'Maisrecolte 2026 zéien? Wéi staark wäert den Ausfall am Verglach zum Duerchschnëtt vun de leschte fënnef Joer sinn?**

2026 ass eng exceptionell fréi Maisrecolte, Ufank August si schonn éischt Bestänn duerch Dréchent gehäckselt ginn. Duerch déi héich Temperaturen am Summer wäert des Recolte och vill méi fréi wéi soss Joren ofgeschloss ginn. Aktuell geet een am Duerchschnëtt vum Land vun enger Perte vun 20-25% am Verglach zum Duerchschnëtt vun de leschte fënnef Joer aus. Natierlech ass vun Totalausfall bis duerchschnëttlech Erträg alles derbäi. Schonn um lokalen Niveau ginn et immens Differenzen, lokal Reeschaueren maachen dëst Joer den Ënnerscheed. Als Basis fir dës Schätzung gëllen d'Zorteversich vun der ASTA déi op verschidde Plazen am Land lokaliséiert sinn. Hei ass d'Recolte Enn August lass gaang, an nach net ofgeschloss.

2. **Riskéiert dësen Ausfall net dozou ze féieren, datt etlech Béischte musse verfréit geschluecht ginn, wat nees zu engem Präisverfall beim Fleesch féiere wäert?**

Ob Basis vun de wéchentleche Schluechtstatistiken stelle mir fest, dass et zu enger liicht méi héijer Unzuel u Schluechtunge vu Béischte komm ass[1]. Et gesäit och esou aus, dass Béischte méi fréi geschluecht ginn, well d'Moyenne vum Gewiicht läit liicht méi niddreg an der Woch Nr. 34 vum 17. August 2026 bis 23. August 2026 bei de Kéi a Ranner par Rapport zum leschte Mount (Woch Nr. 30 vum 20. Juli 2026 bis 26. Juli 2026). Bei der Präisentwécklung dogéint ass ze gesinn, datt se sech fir déi verschidden Déierekategorien am leschte Mount net wesentlech verännert hunn. Souwuel d'Unzuel u geschluechte Béischte wéi och d'Schluechtgewiicht schwanken an enger Forschette vu ca. 10% pro Mount. All dës Fakte weisen drop hin, datt et nach ze fréi ass fir ze soen ass op dës Schwankungen an de Schluechtzuelen e Präisverfall beim Fleesch ausléise wäerten[2].

| **Unzuel an Gewiicht vun Schluechtungen zu Lëtzebuerg** | **Woch Nr. 30 vum 20. bis 26. Juli 2026** | | | **Woch Nr. 34 vum 17. bis 23. August 2026** | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Déierekategorie | Unzuel | Duerchschnëtts-gewiicht (kg/Carcasse) | Gewiicht am Total (kg) | Unzuel | Duerchschnëtts-gewiicht (kg/Carcasse) | Gewiicht am Total (kg) |
| Kéi & Ranner | 331 | 397.4 | 131 529 | 363 | 389.1 | 141 238 |
| Schwäin & Fierkel | 1670 | 94.9 | 158 447 | 1781 | 96.2 | 171 327 |

*Source: Service d'économie rurale – Agrarstatistik 2026*


[1] Agrarstatistik 2026: Wöchentlicher Bericht über den Schlachtviehmarkt.
[2] Agrarstatistik 2026: Monatliche Preisentwicklung von geschlachteten Rindern und Schweinen.

3. **Wéi schätzt d’Madame Ministesch d’Fudderproduktioun an der Europäescher Unioun an? A wat fir engen anere Länner ginn et och staark Produktiounsdefiziter am Beräich vum Mais an anere Fuddermëttel? Wat fir eng Länner sti besser do wéi Lëtzebuerg?**

D‘Europäesch Kommissioun huet am Expertegrupp fir Akerland an Uelegfriichten[3] den 30. Juli 2026 eng Prognose virgestallt iwwert Erträg vun de Fuddermëttel fir Joer 2026. Am Duerchschnëtt ass mat 4-6% manner Erträg ze rechne fir de Silomais an der Europäescher Unioun, woubäi et grouss regional Ënnerscheeder ginn.


Wéinst der laang undauernder Dréchent an Hëtzt ass mat engem relativ grousse Verloscht beim Mais an Ungarn, Frankräich, Italien, Tschechien, Slowakei an Däitschland ze rechnen, woubäi di baltesch Länner, Kroatien, Bulgarien a och Spuenie méi positiv Wäerter opweise kënnen. Des Weidere beaflosst och den Hëtzestress d'Qualitéit vu Mais a Weess, mat als Konsequenz enger lokaler Ëmnotzung vu Kären- a Silomais a vum Backwees zum Fudderwees.

| Green maize | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| Country | last 5yrs avg yield | 2025 yield | EU yield forecasts for 2026 [t/ha] | | | |
| | | | latest forecast | % diff 5yrs avg | % diff 2025 | % diff prev. month |
| **EU*** | 42.8 | 43.6 | **41.1** | − 4 | − 6 | — |
| AT | 45.9 | 48.6 | **43.8** | − 5 | − 10 | — |
| BE | 42.1 | 43.1 | **41.9** | − 1 | − 3 | — |
| BG | 18.9 | 16.1 | **22.2** | + 18 | + 38 | — |
| CY | — | — | **—** | — | — | — |
| CZ | 34.8 | 35.3 | **31.3** | − 10 | − 11 | — |
| DE | 43.0 | 44.6 | **42.1** | − 2 | − 6 | — |
| DK | 38.6 | 36.5 | **39.8** | + 3 | + 9 | — |
| EE | 29.3 | 22.9 | **33.2** | + 13 | + 45 | — |
| EL | 45.4 | 46.6 | **46.7** | + 3 | ± 0 | — |
| ES | 36.6 | 38.7 | **36.7** | ± 0 | − 5 | — |
| FI | — | — | **—** | — | — | — |
| FR | 43.4 | 43.2 | **38.4** | − 11 | − 11 | — |
| HR | 31.3 | 26.9 | **32.5** | + 4 | + 21 | — |
| HU | 24.8 | 23.1 | **20.9** | − 16 | − 9 | — |
| IE | 53.1 | 52.2 | **54.0** | + 2 | + 4 | — |
| IT | 52.6 | 54.9 | **49.5** | − 6 | − 10 | — |
| LT | 29.1 | 29.3 | **31.1** | + 7 | + 6 | — |
| LU | 51.9 | 63.6 | **52.0** | ± 0 | − 18 | — |
| LV | 27.7 | 22.9 | **34.1** | + 23 | + 49 | — |
| MT | — | — | **—** | — | — | — |
| NL | 44.3 | 47.3 | **43.8** | − 1 | − 7 | — |
| PL | 47.7 | 49.1 | **47.0** | − 1 | − 4 | — |
| PT | 44.9 | 44.9 | **44.9** | ± 0 | ± 0 | — |
| RO | 21.1 | 19.2 | **20.9** | − 1 | + 9 | — |
| SE | — | — | **—** | — | — | — |
| SI | 38.9 | 36.3 | **40.5** | + 4 | + 12 | — |
| SK | 27.8 | 30.0 | **25.0** | − 10 | − 17 | — |




D'Konditioune vum Gréngland an Europa variéieren och staark, mat enger gënschteger Biomasseaccumulatioun an den nërdlechen an nordëstleche Regiounen (Dänemark, Schweden, Irland, Finnland, baltesch Länner, Norddäitschland), awer enger schneller Verschlechterung a groussen Deeler vu West- a Mëtteleuropa duerch persistent Hëtzt a grouss Nidderschlagsdefiziter. A Südeuropa huet de Wuesstum saisonal ofgelooss, wärend e schwéiere Waasserstress regional d'Gréngland- an d’Fudderproduktioun am Südoste limitéiert huet.

[3] JRC MARS Bulletin - Crop monitoring in Europe - July 2026 - Vol. 34 No 6.




4. **Ass de Landwirtschaftsministère amgaang driwwer nozedenken, wéi een de betraffene Baueren hëllefe kéint, fir op breeder Basis Fudder am Ausland anzekafen, fir iwwer dëse Wee an den nächste Wochen a Méint net nach weider Präishaussë mussen a Kaf ze huelen?**

Et ass wichteg ze erwänen, datt d'lescht Joer eng iwwerduerchschnëttlech bis ganz gutt Recolte war, a vill Bauere profitéiert hu fir Fudderreserven opzebauen, déi dann an dëse méi schlechten Zäite wäertvoll Hëllef bréngen. Op a wéi vill Fudder lo wierklech am Ausland zoukaf muss ginn ass momentan nach net ofzegesinn, well d'Vegetatiounsperiod nach laang net ofgeschloss ass. Jee no Entwécklung vum Wieder, besonnesch wat de Reen ubelaangt, ka nach ëmmer ee Grasschnatt opwuessen. Bis lo huet a Jore mat niddreger Grondfudderprodukten den Handel Fudderakeef organiséiert an et sinn eigentlech ni Agrëff vum Landwirtschaftsministère noutwenneg gewiescht. Sou Akeef wären och just iwwer d'Prozedur vum Marché public Gesetz méiglech an un déi entspriechend Zäitspanne gebonne wat an dëser Situatioun sécher vill manner effizient ass wéi de fräien Handel.

De Landwirtschaftsministère iwwerwaacht d'Situatioun um Terrain weiderhi ganz opmierksam an analyséiert aktuell wéi eng administrativ a finanziell Hëllefen dem ganze Secteur, an dësem sécherlech ganz schwéiere Joer, Ënnerstëtzung brénge kënnen.

Lëtzebuerg, den 1. September 2026

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau